N°4057
Entrée le 09.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil a vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°4057 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy iwwer d'Fleegeaarbecht a Wunnstrukture fir eeler Leit.**

1. *Wéi ginn d'Leeschtungen an der Grondfleeg (z. B. Hëllef beim Toilettegang) am Kader vun der Fleegeversécherung bewäert an organiséiert?*

D'Hëllef beim Toilettegang gëtt als Leeschtung am Beräich vun der Eliminatioun ënner den *actes essentiels de la vie*[1] bewäert. Mat Hëllef vum medezinesche Rapport vum Hausdokter evaluéiert d'AEC de Besoin mat hirem Evaluatiounsinstrument. Si bestëmmt d'Leeschtung op Basis vum *relevé-type* an dem *référentiel des aides et soins*, a schreift se an der *synthèse de prise en charge* nidder.[2]

2. *A wéiwäit baséiert dës Bewäertung op standardiséierten Zäitwäerter, a wéi vill Flexibilitéit besteet fir d'Fleegepersonal am Alldag?*

De *relevé-type* gesäit eng forfaitär Dauer fir déi verschidde Leeschtunge vum *référentiel des aides et soins* vir, op déi sech an der viregter Fro bezunn gouf.

Op Basis vun der Determinatioun vun den Hëllefen a Fleeg an de Beräicher vun den *actes essentiels de la vie* duerch d'Administration d'évaluation et de contrôle de l'assurance dépendance (AEC) gëtt dem Demandeur, deen déi néideg Critèren erfëllt, wéi d'Affiliatioun, eng Dépendance vu méi wéi sechs Méint oder eng irreversibel Dépendance, an deen de virgeschriwwene Seuil erreecht, ee vun de fofzéng Niveaue vum wöchentleche Besoin un Hëllefen a Fleeg festgeluecht.

Zum Beispill läit den Niveau 1 tëscht 210 a 350 Minutten, den Niveau 2 tëscht 351 an 490 Minutten, an esou weider.

D'*synthèse de prise en charge* gesäit also net méi, wéi virun der Reform vun der Fleegeversécherung, e feste Minutage fir all eenzel Leeschtung vir, mee e forfaitäre Kader vun der Prise en Charge, deen dem Fleegepersonal am Alldag eng gewësse Flexibilitéit erméiglecht.

---

[1] D'*actes essentiels de la vie couvréieren* d'Kierperhygiène, d'Eliminatioun, d'Ernärung, d'Kleeden an d'Mobilitéit a sinn laut Artikel 348 vum Code vun der sozialer Secherheet : « *1) dans le domaine de l'hygiène corporelle : les aides et soins visant à la propreté du corps ; 2) dans le domaine de l'élimination : les aides et soins visant à l'évacuation des déchets de l'organisme ; 3) dans le domaine de la nutrition : les aides et soins visant à l'assistance pour l'absorption de l'alimentation, l'hydratation et la nutrition entérale ; 4) dans le domaine de l'habillement : les aides et soins visant à s'habiller et à se déshabiller ; 5) dans le domaine de la mobilité : les aides et soins visant aux changements de position, aux déplacements et aux accès et sorties du logement.* »

[2] Déi juristesch Basis läit virun allem an den Artikelen 348, 349, 350, 351, 383, 384 an 386 vum Code vun der sozialer Sécherheet, souwéi am Artikel 1 vum groussherzogleche Reglement vum 18. Dezember 1998 (Règlement grand-ducal du 18 décembre 1998 fixant les modalités de la détermination de la dépendance). Dëst Règlement enthält ënner anerem de relevé-type an de référentiel des aides et soins.

3. *Wéi gëtt séchergestallt, datt spontan Bedierfnesser vun de Bewunner zu all Moment kënne berécksiichtegt ginn?*

Laut dem modifizéiertem Gesetz vum 23. August 2023 iwwer d'Qualitéit an de Servicer fir eeler Leit, ass all Gestionnaire vun enger Wunnstruktur fir eeler Leit verflicht, een individuellen Dossier fir all Bewunner ze erstellen. Mat Hëllef vun den Informatiounen an dësem Dossier gëtt de Bewunner aktiv esouwuel bei der Animatioun ewéi och an dat allgemengt soziaalt Liewen vun der Struktur mat abezunn.

D'Biographie, déi perséinlech Wënsch a Bedierfnisser vum Bewunner sollen an dësem Dossier festgehal ginn. De Bewunner soll aktiv kënnen d'Liewen an der Wunnstruktur matgestalten, an esou och weiderhin Acteur vun sengem Liewe sinn.

Fir op d'Besoine vun de Bewunner kënnen anzegoen, huet de Gestionnaire ee gewësse Personalschlëssel. Heizou ass am Artikel 6 vum Qualitéitsgesetz ee Minimum u Personal définéiert, souwuel am Dag wéi och an der Nuecht. Fir nach méi präzis kënnen op d'Besoine vun de Bewunner anzegoen, gëtt dëse Personalschlëssel par rapport zum Fleegebedarf vun de Bewunner an hirer Fleegebedürftegkeet ugepasst.

Nieft spontane Besoinen ass de Gestionnaire och verflicht, d'Continuitéit vun der Fleeg ze assuréieren, déi dësen a sengem Projet d'établissement garantéiert.

Et ass ze bemierken, dass um Niveau vun der Fleegeversécherung, d'Haaptzil ass, am Kader vun de gesetzlech festgeluechte Grenzen, d'Hëllefen an d'Fleeg ze finanzéieren, déi eng ofhängeg Persoun reegelméisseg a wéinst hirem Gesondheetszoustand fir d'Akte vum deegleche Liewe brauch, nämlech d'Kierperhygiène, d'Eliminatioun, d'Ernärung, d'Kleeden an d'Mobilitéit. Spontan oder punktuell Bedierfnesser vun de Bewunner kënnen am Kader vun der Fleegeversécherung also nëmme berécksiichtegt ginn, wann se mat engem verännerten Hëllefsbedarf zesummenhänken, zum Beispill wann de Gesondheetszoustand vun der Persoun sech verschlechtert an doduerch eng nei oder méi intensiv Hëllef bei den essentielle Liewensakten néideg gëtt. Fir aner spontan Bedierfnesser, déi net ënner dës gesetzlech Definitioun vun der Ofhängegkeet falen, gesäit d'Fleegeversécherung keng spezifesch Finanzéierung vir.

4. *Ginn et Richtlinnen oder Recommandatiounen, déi garantéieren, datt d'Würd, d'Privatsphär an d'Wuelbefanne vun de Bewunner an esou Situatioune respektéiert ginn?*

D'Zil vum Qualitéitsgesetz vum 23. August 2023 ass et d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit ze promouvéiren an och op engem héijen Niveau ze halen, fir domat d'Dignitéit an d'Wuelbefannen vun den eelere Persounen ze assuréieren. D'Gesetz brengt dofir och eng Rei nei Mechanisme mat sech, ewéi z.B.:

- Déi obligatoresch Formatioune fir d'Personal, déi nieft Formatiounen am Beräich vun de Soins palliatifs och Formatiounen am Beräich vun der Psycho-gériatrie an an der Hygiène mussen suivéieren.

- D'Ausschaffen vun engem Projet d'établissement, wou de Gestionnaire ënner anerem ee Concept de Bientraitance an och ee Concept de prise en charge vu Leit mat enger dementieller Erkrankung opweise muss. An dësem Kader huet de Gestionnaire genuch Spillraum fir dës Konzepter mat senger eegener hausinterner Fleegephilosophie kënnen ze verbannen.

- D'Schafe vun engem Comité d'éthique fir all Wunn- an Dagesstrukturen souwéi déi mobil Fleegedéngschter.

- D'Bewunner hunn d'Méiglechkeet sech un de nationalen Informatiouns- a Mediatiouns-Service (SIMPA) ze wende fir all speziefesch Froen zu de Servicer fir eeler Leit oder gegebenenfalls op d'Méiglechkeet vun enger Mediatioun zeréck ze gräifen.

- De Chargé de direction muss mindestens 4 Stonnen d'Woch disponibel si fir Bewunner a Familljen.

- All Gestionnaire muss e Konzept fir d'Gestioun vun de Reklamatiounen erstellen an d'Bewunner a Familljen doriwwer forméieren.

Fir d'Privatsphär an d'Wuelbefannen vun de Bewunner ze garantéieren ass den infrastrukturelle Volet och e wichtege Facteur. Sou gesäit de Reglement Grand-Ducal vum 21. September 2023 och nei Dispositiounen vir, fir d'Constellatiounen vun de Logementer an de Gemeinschaftsräim vun den Wunnstrukture fir eeler Leit. Sou soll zum Beispill keen direkten Bléck vum Gang op d'Bett vum Bewunner méiglech sin. Dëst as wichteg fir dass d'Intimitéit vun der Persoun ëmmer garantéiert ass. D'Annex 3 vum Qualitéitsgesetz gesäit eng Lëscht vu Krittäre vir, besonnesch an der Kategorie (c) „*Mise en œuvre du règlement général de la structure d'hébergement et dossier individuel*" déi eenzel Akte enthällt, wéi:

- *„Existence de lignes de conduite à l'adresse du personnel pour faire respecter la vie privée du résident"*
- *„Existence de lignes de conduite à l'adresse du personnel pour faire respecter la dignité du résident"*
- *„Le personnel applique les lignes de conduite pour faire respecter la vie privée du résident, le caractère privé de son logement, l'intimité du résident, la dignité du résident et la volonté du résident"*

De Service muss sech esou Richtlinne ginn, och wann d'Gesetz net de geneeën Inhalt festleet.

Et ass och ze präziséieren datt d'Gesondheetsberuffer strenge deontologesche Verflichtungen ënnerleie, ënner anerem op Basis vum groussherzogleche Reglement vum 7. Oktober 2010[3], duerch deen de Code de déontologie vu verschiddene Gesondheetsberuffer festgeluecht gëtt. Dëse Code verflicht si dozou, hir Missioun am Respekt virum mënschleche Liewen, der Persoun, hirer Dignitéit an hire Rechter auszeüben.

Dës Ufuerderunge schreiwen sech och an de méi breede Kader vun der Convention d'Oviedo vum 4. Abrëll 1997 an, déi d'Mënscherechter an d'Biomedezin betrëfft. Dës Konventioun consacréiert de Schutz vum Mënsch a senger Dignitéit, senger Identitéit, senger Integritéit a senge fundamentale Rechter.

5. *<u>Ginn et Donnéeën oder Etüden iwwer Reaktiounszäiten (z. B. Schell drécken) an Alters- a Fleegeariichtungen?</u>*

De Familljeministère huet keng Donnéeën oder Etüden iwwer d'Reaktiounszäiten an den Wunnstrukruren fir den eeler Leit.

6. *<u>Wéi gëtt verhënnert, datt eng staark Standardiséierung vun de Fleegeprozesser dozou féiert, datt individuell Besoinen net optimal berécksiichtegt ginn?</u>*

Déi individuell Besoine vun de Bewunner ginn am Dossier individuel mat gesammelt a berécksiichtegt. D'Qualitéitsgesetz huet heizou, nieft den Agrémentskontrollen, nei Qualitéitsevaluatiounen agefouert.

Den Artikel 3 (2°) vum modifizéierte Gesetz vum 23. August 2023 iwwer d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit verflicht d'Strukture folgendes ze garantéieren: *„l'établissement et la mise en œuvre d'un plan de vie individuel avec la participation et l'implication du résident"*.

[3] Règlement grand-ducal du 7 octobre 2010 établissant le code de déontologie de certaines professions de santé

Dësen individuelle Liewensplang ëmfaasst *„[…] la planification et le développement de services d'animation et de vie sociale ainsi que d'aides et de soins*".

D'Krittären aus der Annex 3 vum genannte Gesetz am Zesummenhang mam individuelle Liewensplang vermierken, datt:

- *„Le plan de vie individuel est tenu à jour en cas de changements"*
- *„Le plan de vie individuel tient compte de l'état de santé du résident"*
- *„Le plan de vie individuel tient compte des capacités cognitives du résident"*
- *„Le plan de vie individuel tient compte du degré de dépendance du résident"*
- *„Le plan de vie individuel tient compte des volontés et préférences personnelles du résident"*
- *„Le plan de vie individuel tient compte de la biographie du résident"*
- *„Le cas échéant, le plan de vie individuel tient compte du carnet des soins palliatifs ou des directives anticipées du résident ou des dispositions de fin de vie"*
- *„Le personnel d'encadrement en charge du résident connaît et respecte le plan de vie individuel du résident"*

Bei der Evaluatioun vun der Qualitéit vun engem Service wielen d'Agente vun der Cellule Qualité vum Ministère zéng Dossiere vu verschiddene Residenten aus a kontrolléieren d'Applikatioun vun de genannte Krittären. D'Resultater sinn an de Rapporten disponibel, déi op Infosenior.lu publizéiert ginn.

Et ass och ze bemierken dat d'Prestatairen, déi eng Convention-cadre mat der Gesondheetskeess (CNS) ofgeschloss hunn, mussen d'Hëllefen an d'Fleeg ënner de Konditiounen erbréngen, déi am Kader vun dëser Convention-cadre virgesi sinn. Dozou gehéieren och d'Norme vun der Dotatioun, déi esou ausgeriicht sinn, datt esou eng staark Standardiséierung vun de Fleegeprozesser net optriede soll.

7. *Wéi eng Kontroll- oder Qualitéitsmechanismen existéieren, déi sech spezifesch op d'Grondfleeg an den Alldag vun de Bewunner bezéien?*

D'Agente vun der Cellule Qualité vum Familljeministère féieren d'Evaluatioun vun der Qualitéit vun de Servicer fir eeler Persounen am Aklang mat den Dispositioune vum genannte Gesetz duerch, an dëst op Basis vun de Krittären aus der Annexe 3.

Et ginn 71 Krittären, déi sech op d'Opnam an den Accueil vum Resident, säin individuelle Liewensplang, d'Leeschtungen a Servicer an de Beräicher Participatioun, Animatioun a soziaalt Liewen, souwéi op d'Ëmsetzung vum allgemenge Reglement vun der Wunnstruktur an op den individuellen Dossier bezéien.

Zum Schluss gëtt, op Basis vun 48 Critèren, d'Zefriddenheet vun 10 Residentë gemooss. Dës Evaluatioune fannen op mannst all 3 Joer fir all Service statt, deen iwwer eng Agrémentsnummer verfügt, an d'Resultater ginn an engem Rapport zesummegefaasst, deen op Infosenior.lu publizéiert gëtt.

Qualitéitskontrolle bestinn och am Kader vun der Fleegeversécherung.

Geméiss Artikel 384bis vum Code vun der sozialer Sécherheet kontrolléiert d'AEC engersäits d'Adäquatioun tëschent de Prestatiounen, déi effektiv erbruecht goufen, an de Prestatiounen, déi an der *synthèse de prise en charge* festgehale goufen. Anerersäits kontrolléiert si d'Qualitéit vun de Prestatiounen, déi der fleegbedierfteger Persoun erbruecht ginn.

Dës Kontrolle ginn op Basis vun der Dokumentatioun vun der Prise en Charge duerchgefouert, déi vun de Prestatairen, déi an den Artikelen 389 bis 391 vum Code vun der sozialer Sécherheet viséiert sinn, zur Verfügung gestallt gëtt.

D'Qualitéitsindikatoren an den Inhalt vun dëser Dokumentatioun ginn duerch d'groussherzoglecht Reglement vum 13. Dezember 2017[4], präziséiert.

D'Convention-cadre, déi tëschent der CNS an de Prestatairen am Beräich vun den Hëllefen a Fleeg ofgeschloss gouf, gräift dës Ufuerderungen och op, notamment duerch de Verweis op den Artikel 387bis vum Code vun der sozialer Sécherheet an op dat genannte groussherzoglecht Reglement.

[4] Règlement grand-ducal du 13 décembre 2017 déterminant le contenu de la documentation de la prise en charge et les indicateurs de qualité de la prise en charge

8. *Wéi eng Moossname si virgesinn, fir d'Fleegepersonal dobäi z'ënnerstëtzen, och ënner Zäitdrock eng qualitativ héichwäerteg an individuell adaptéiert Betreiung ze garantéieren?*

D'Qualitéitsgesetz gëtt e minimale Personalschlëssel vir. Donieft ass et um jeeweilege Gestionnaire, sech der alldeeglecher Realitéit unzepassen.

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn